

Partenariat FLGym a Fitline (PM)

Zanter enger Zäitche schonn beschäftegt sech d'FLGym mat der Fro, wéi mir eis zu der Fro vun lessergänzungsmëttelen solle positionéieren.

Mir gesinn engersäits, datt des Mëttelen an der allgemenger Populatioun scho längst keen Tabu méi sinn. Wa fréier, beispillsweis, déi opgeblose Muskelen vu Bodybuilder nach vill Skepsis opgeworf hunn, gesäit een haut och ëmmer méi Fraen, déi dëse Sport bedreiwen an da konsequenterweis och eng entsprechend Ernierungsweis unhuelen.

Anerersäits gesi mir ëmmer méi Sportfederatiounen déi mat Partner aus dem Beräich vun den lessergänzungsmëttelen zesummeschaffen.

Et gëtt deemno eng wuessend Zuel vu Leit déi sech fir déi Mëttelen intresséieren, well se hire perséinlechen Erwaardungen schéng nozekommen.

Mir mussen awer hei eng ganz kloer Trennung maachen, tëscht Mëttelen déi als Dopping unzegesi sinn, a Mëttelen, déi op dem Plang 100% onproblematesch sinn!

Bei der Turnfederatioun kéint een de Besoin oder déi perséinlech Erwaardungen op ënnerschiddleche Niveauen gesinn:

- Persounen, déi ab engem gewëssen Alter eng Rei natierlech Ofnotzungserscheinungen am Muskel- a Gelenkapparat feststellen an sech do eng Verbesserung erwaarden.

Hei kéint eng zousätzlech Basisversuergung gewënscht ginn mat verschidde Nährstoffer déi zu enger Verbesserung vun der Vitalitéit bäidroen. (Q10, Omega3, Lutein, etc...)

- Persounen, déi gutt am Training sinn, awer hier sportlech Leeschtungssteigerung duerch d'Ernierung wëllen ënnerstëtzen. Hei fënnt een Jugendlecher, jonk Erwuessener an Erwuessener déi hiren aktuellen Leeschtungsniveau wëllen halen.

Hei kéinten punktuell zousätzlech Ressourcen gewënscht ginn fir méi Energie a Konzentratioun, respektiv nom Training d'Enseierung an d'Regeneratioun z'ënnerstëtzen.

- Persounen, déi aus deenen ënnerschiddlechste Grënn virun allem eng allgemeng Stärkung vum Organismus wënschen. Hei fënnt een Leit aus allen Alterskategorien, grad sou wéi Kanner.

Do kéint no sougenannte Powercocktails gesicht ginn, déi zousätzlech Nährstoffer liwweren fir de Wuesstem, d'Vitalitéit an d'Konzentratioun, grad sou wéi den Immunsystem ze ënnerstëtzen.

Um Niveau vum Turnverband si mir der fester Iwwerzeegung, datt e gesunde Liewenswandel an eng gutt Liewenshygiène sécherlech déi bescht Method ass fir sech an sengem Kierper wuelzefillen. Dozou gehéiert och eng gesond Ernierung, woufir mir jo och de Label „Gesond lessen, Méi Beweegen“ ënnerstëtzen.

Mee mir wëssen awer och, datt fir deen een oder aneren eng Ënnerstëtzung duerch Lessergänzungsmëttelen kann hëllefträich sinn, woubäi mir eis awer och ganz entscheet géint alles stellen, wat direkt oder indirekt als Dopping kéint duerchgoen.

Aus dem Grond, viséiert d'FLGym eng Partnerschaft mat der Firma PM un, andeems mir, an enger éischter Testphase, eis Memberen iwwer d'Fitline-Produiten informéieren an hinnen d'Bestellung vun deene Produiten iwwer en direkte Link op eiser Internetsäit vereinfachen.

Ausserdeem sinn och – op Wonsch! - Informatiounsowenter an eise Memberveräiner oder hire Sektioneen denkbar, grad wou wéi Informatiounstänn op eisen offizielle Competitiounen.

No der Saison 2020/2021 wäerte mir dann e Bilan zéien, wéi dee Partenariat sech entwéckelt huet.